1-2021-O-M-7003-01 (n° 3798)

Depot : Fred Keup

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 10. Mäerz 2022

Déclaration gouvernementale - hausse des prix de l'énergie

1

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt
- d'Präisser fir ze tanken a fir ze hëtzen, säit dem Ausbroch vum Krich an der Ukrain ongebremst an d'Luucht ginn;
- d'Steiere bei der Zesummesetzung vun den Energiepräisser eng wesentlech Roll spillen, besonnesch d'TVA an och déi op den 1. Januar 2021 agefouert CO2-Steier;
- des Steierbelaaschtung déi Leit mat engem klenge Revenu an déi Leit déi um Land wunnen souwéi d'Frontalieren iwwerproportional betrëfft;

ass sech bewosst, datt
- Lëtzebuerg Gefor leeft, hei op gesamtgesellschaftlech Spannungen zouzesteieren;

fuerdert d'Regierung op,
- an dëser Krichssituatioun sämtlech Steieren an Accisen op Brennstoffer fir den Auto a Mazout fir ze hëtzen doropshin op de Leescht ze huelen, wéi wäit dës Steiere kënnen erofgesat, ausgesat oder ofgeschaaft ginn;
- d'CO2-Steier vum 14. Mäerz u bis op Weideres ersatzlos auszesetzen;
- vum 14. Mäerz u bis op Weideres de superreduzéierten TVA's Saz vun 3 Prozent op sämtlech Energieproduiten ze applizéieren;
- eng Unerkennung vun den Energieproduiten als Grondbedierfnes an eng entspriechend Steierreform;
- eng automatesch Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun;
- eng objektiv a wäertneutral Zesummesetzung vum Wuerekuerf, déi och d'Energiepräisser adequat berücksichtegt.

Fred Keup